

NET FIR DE VERKAF
PAS À VENDRE

RECYCLING II

Stëmm
VUN DER STROOSS

Editorial

Wéi schonn an der leschter Zeitung ugekënnegt, hu mer eis esou intensiv mam Thema Recycling auserneegesat, dass zum Schluss esou vill Material do war, fir eng weider Editioun zum selwechten Thema erauszebréngen.

An dëser Editioun huet de Marco sech mat der Superdreckskëscht befaasst. Säi Fokus lung hei op der Economie circulaire. D'Trista huet en Interview mat de Responsabele vu Valorlux gefouert an erkläert eis de Parcours vun der bloer Tut. De PLp huet eis e flotte Reportage iwwert d Kärkraaftwierk zu Kalkar verfaasst. Dëst Kraaftwierk gouf zu engem Fräizäitpark amenagéiert. Et gouf quasi recycléiert.


Dann hu mer säit laangem mol nees eng Kéier en Text vum Wolfgang, laangjärege Client bei der Stëmm. De Wolfgang huet d'Buch « Nirwana im Eimer » geschriwwen. En alternative Guide, fir duerch Indien ze reesen. Dës Kéier hëlt en eis mat an déi indesch Provënz Ladahk.

Dernieft fannt Dir nach vill kleng Texter zu deene verschiddensten Themen.

Ech wënschen Iech eng flott Lecture.

Michel Hoffmann

Que celui ou celle qui sait lire, lise et partage ce journal avec celui ou celle qui n'a pas pu apprendre à lire!
Lieber Leser, teilen und lesen Sie diese Zeitung mit den Menschen, die das Lesen nicht lernen konnten!



Recycling

Rejoignez-nous sur facebook
Join us on facebook
Werde Mitglied auf facebook

Interview mam Här Thomas Hoffmann vun der Superdreckskëscht

SuperDrecksKëscht®

Maach-mat!

Aktioune vum Ministär
fir nohalteg Entwécklung
an Infrastrukturen
mat de Gemengen,
der Chambre des Métiers
an der Chambre de Commerce

Marco : Wéi definéiert een « Circular Economy » am beschten ?

Thomas Hoffmann : Mir hunn een Ausgangsproduit, dee mir asammelen an esou verschaffen oder recycelen, dass mir en herno nach eng Kéier als sekundäre Rohstoff, am Idealfall fir datselwecht Material, verwende kënnen. Bei ville Produkter brauch een awer ëmmer nach en Input vun neie Materialien. De circulairë Krees ass net ofgeschloss, wann et nach en Input vu bausse brauch an een e gewëssen Undeel vun Output huet, deen net méi verwäertbar ass. Do soe mir da Verloscht dozou.

Dann hu mir natierlech och nach aner Produiten, déi z.B. ënnert dem Label « clever akafen » stinn. Bei ons ass et esou, mir trenne bewosst reng alles dat, wat Produite betreffen. Et ginn esou Konzepter wéi ***Cradle - to - Cradle (C2C)***. E gewëssent Produkt, wat ***Cradle-to-Cradle*** zertifiéiert ass, dat ka gutt recycléiert ginn, mee et ass awer net onbedéngt e Produit, bei deem gekuckt gëtt, ob d'Zesummesetzung oder den Ecodesign gutt ass. Onse Bäitrag ass am Kader vun deem, wat mir elo gesinn hunn, Produiten anzesammelen, ze behandelen an ze kucken, dass méiglechst vill vun de Stoffer als sekundär Produkter erëm op de Maart zeréckkommen. Dat heescht, dass mir Produktempfänger (Recycler) sichen, déi no deene Kritäre schaffen, bei deenen uschléissend sekundär Stoffer entstinn. Et geet ons dobäi net ëm de Präis, mee ons geet et doréms, méiglechst vill sekundär Stoffen zeréckzegewannen.

Marco : Wann een sech d'Circular Economy iwwert d'Joren ukuckt, kann een da soen, dass sech d'Produiten dohin entwéckelen, dass ee keng Circular Economy méi brauch ?

Thomas Hoffmann : Eng 100% Circular Economy funktionéiert leider nach net. Et huet een ëmmer nach e klenge Verloscht. Esouguer bei deene Produiten, déi scho méi laang an der Circular Economy gefouert ginn. Dozou gehéiert de Pabeier, Kartrong, Glas a Metall. Bei verschidde Produite kënnen awer scho bis zu 95% zeréckgewonne ginn.

Marco : Kënnt dir Iech virstellen, dass d'Circular Economy iergend eng Kéier an engem Gesetz festgehale gëtt ?

Thomas Hoffmann : Am Lëtzebuerger Offallgesetz vun 2012 stinn am Fong geholl schonns vill Saachen dran, déi d'Circular Economy betreffen. An Däitschland heescht dat Gesetz scho Kreislauf-Abfallwirtschaftsgesetz, woubäi dat awer net onbedéngt besser ass. Mir hu jo och eng EU-Direktiv, bei där scho säit laangem e Projet an Aussiicht steet, deen « Kreislauf-Wirtschaftspaket » heescht. Dat heescht, do si schonn Definitiounen dran, mee et definéiert elo net d'Circular Economy, awer et definéiert scho ganz vill, wat dozou gehéiert.

Marco : Wat geschitt mat de Chemikalien, déi Dir asammelt, z.B. Batterien, Faarf, Saier asw. ?

Thomas Hoffmann : Bei de Faarwereschter ass et esou, dass mir se net méi an der Circular Economy gebrauche kënnen. Saier selwer fält bei ons eigentlech net esou vill un. Mee et kann emol virkommen, dass mir eppes vun de Laboen erakréien. Dës gëtt neutraliséiert an uschléissend ëmweltfrëndlech entsuergt. Et gëtt vill ënnerschiddlech Saieren, déi net méi recycléierbar sinn.

Marco : Dat heescht, déi Betriber, déi mat Saiere schaffen, si verflicht, dës selwer ze entsuergen ?

Thomas Hoffmann : Jo. All Firmen, déi mat Chemikalië schaffen an déi och méi e grousst Arsenal hunn, déi



si verflicht, sech doröms ze bekëmmeren, dass dat anstänneg entsuergt gëtt. Mee et gi spezial Firmen, déi sech ëm d'Entsuergung vu Chemikalien oder Saiere bekëmmeren. Dës Info gi mir un d'Betriber weider. Huele mir als einfacht Beispill d'Botzmëttel vun den Autosgaragen. Do gëtt et schonns e Kreeslaf, wou de Liwwerant, deen déi nei Wuer bréngt, déi al Wuer erëm mat zeréckhëlt an se opbereet.

Marco : Wann et Äert Ziel ass, vun enger Linearwirtschaft op eng Circular Economy ze kommen, wéi wäit ginn Är Méiglechkeeten, Betriber a Produzenten ze ënnerstëtzen ?

Thomas Hoffmann : Ons Méiglechkeeten, fir beim Hiersteller Virschléi ze maachen, si begrenzt. A wann, da funktionéiert dat nëmme bei Produzenten, déi hei zu Lëtzebuerg produzéieren. E gutt Beispill ass d'Firma Robin. Déi si schonn éiweg bei der Superdreckskëscht. Mir tausche géigesäiteg eisen Knowhow aus. Et ass net ëmmer esou, dass mir den Initiator sinn. Mir sinn en Acteur, deen als Beroder an de Betriber kuckt, wat do gemaach gëtt. Natierlech kënne mir e puer Ureegungen an Iddie vun engem Betrib zum anere weiderginn. Mir gesinn ons éischter an der Roll vum Vernetzer.

Mir hunn ëm déi 5000 Betriber un der Superdreckskëscht ugeschloss. Dat si ganz ënnerschiddlech Betriber. Dat kënnen Handwierksbetriber, Banken, Administratiounen, Horesca, Schoulen asw. Sinn.

Marco : Dir sot, Dir géift 5000 Betriber beroden. Sinn déi dann op fir esou Virschléi, a wéi ginn d'Betriber domadder ëm ?

Thomas Hoffmann : Et ass esou, dass vun deene 5000 Betriber ongeféier 60% dat konkret ëmsetzen. Déi aner 40%, déi beméien sech zwar, mee do scheitert et nach u verschidde Saachen. Vun deene 60%, déi de Label vun der Superdreckskëscht hunn, hu mir Betriber, déi méi intensiv un den ökologesche Léisunge schaffen. Mir maache Betriber drop opmierksam, ökologesch Botzproduiten, Bürosmaterial, Hygienspabeier ze benotzen. Et ginn ëmmer méi Betriber, déi net nëmmen op de Präis kucken, mee och den ökologeschen Aspekt vun der Circular Economy mat a Betruecht zeien. Et ass am Kommen, mee et brauch seng Zäit. Well et net verflichtend ass, mécht et déi Saach och méi schwiereg.

Marco : Wat muss e Betrib maachen, fir Äre Label ze kréien ?

Thomas Hoffmann : Et muss een sech un d'Virgabe vum Offallkonzept halen. Dat heescht, den Offall muss getrennt agesammelt a richteg gelagert ginn. Dëst gëllt fir un allem bei Problemproduiten. E wichtege Punkt ass d'Vermeidung an den Noweis vun enger richteger Entsuergung. Hei kann et sinn, dass Betriber de Label net kréien oder och emol verléieren. E Bilan muss och virgewise ginn. Quantitéite musse festgehale ginn, fir d'Entwécklung vum Recyclage kënnen ze verfollegen. Wat den Entsuergungspartner ugeet, muss een, fir de Label ze kréien, noweisen, wou den Offall hibruecht ginn ass.

Marco : Wat fir Stoffer falen ënnert regional dezentral Verwäertung (Réckproduktiounsprozess) ?

Thomas Hoffmann : An där enger Regioun ginn et méi Handwierksbetriber, an där anerer Regioun méi Baueren, an am Süde gëtt et méi Industrie. Doranner ass e gewëssen Ënnerscheed ze erkennen. Wat zu « regional » ze soen ass, ass, dass déi meeschte Produiten awer an d'Ausland goe mussen. Verwäerter hei zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun gëtt et wéineg.

Marco : Wou läit de wirtschaftleche Virdeel bei engem Réckproduktiounsprozess, a wéi steet et mam Energieverbrauch ?

Thomas Hoffmann : De Problem ass ganz oft, dass et e volkswirtschaftlechen an e makroekonomesche Virdeel, awer kee betribswirtschaftlechen a mikroekonomesche Virdeel ass. E Réckproduktiounsprozess ass e Verfahren, wat mat grousse Käschte verbonnen ass. Huele mer als Beispill e Produzent vu Frigoen, deen sech och drëms bekëmmert, déi al Frigoen uerdentlech ze entsuergen. Hei bezilt de Produzent fir en ökologeschen, circulairë Prozess méi Sue wéi fir en anere Prozess.

Zum Thema Energieverbrauch ass et schwéier, eng Äntwert ze ginn. Bei allem, wat ech maachen, muss ech eng Ökobilanz zéien. Et mécht kee Sënn, wann ech e Recyclingverfahren hunn, bei deem ech herno méi Energie verbrauchen an eventuell och nach fossil Energie, z.B. réien Ueleg brauch, wann herno déi gesamt Bilanz net méi stëmmt. Et muss een och kucken, wou ee beim Eko-Design usetze kann. Et muss gekuckt ginn, dass ech de Produit schonn esou produzéieren, dass ech herno esou mann wéi méiglech energeteschen Opwand hunn.

Marco : Hutt Dir den Androck, dass et hei zu Lëtzebuerg eng grouss Bedeelegung un der Circular Economy gëtt, a wat kann ee maachen, fir d'Leit an de Betriber méi ze motivéieren ?

Thomas Hoffmann : Et gi vill Leit, déi motivéiert sinn, mee bei anere Leit geet et just ëm d'Suen. Do siche mir nach no Léisungen, fir de Prinzip ***Pollueur-Payeur*** méi ze etabléieren. Dat heescht, déi Persoun, déi net vill Offall produzéiert, bezuelt manner wéi déi Persoun, déi méi Offall huet. Dëst gëllt fir den eenzele Bierger, an och fir e Betrib. Et soll esou funktionéiere wéi beim Waasser a beim Stroum, wou jidderee seng Ofrechnung kritt.

D'Stëmm vun der Strooss seet iech Merci fir den Interview.

Marco G.



D'Féierung vun der Superdreckskëscht



Mir hunn ongeféier ëm déi 150 Produiten, wou hei bei ons op de Site kommen, wou verschidden Aarbechtsgäng néideg sinn, fir déi ze recycléieren. Ons Philosophie ass eigentlech, dass mir vun deene méi problematesche Produkter op wéineg problematesch Produkter, Inhaltsstoffer hikommen.



Dann hu mir awer och Produkter, déi mir selwer opschaffen, z.B. kréie mir Behälter, wou mir net sécher sinn, wat sech doranner befënnt. Mir schrauwen déi dann op, an d'Flëssegkeet gëtt erausgepompelt, wou mir uschléissend feststelle kënnen, wat fir eng Flëssegkeet et ass.





Wéi scho gesot, mir sammele 4500 Tonnen. Dovu kommen zwee Drëttel aus dem privaten Haushalt. Problemprodukter, wéi mir soen, si Spraydousen, Faarwen, Lack, Pestiziden, Medikamenter oder och Batterien asw. Dann een Drëttel kënnt aus den Handwierksbetriber. Dat si meeschtens Wierkstoffer, déi entsuergt ginn, z.B. Plastik, Holz a Glas.









Dann hu mir hei ënnen an deem Beräich kleng Fässer a Boxe stoen, mat z.B. Botzmëttel oder Medikamenter, déi dann hei op de Paletten zesummegestallt ginn. Do kréie mir vun de Recyclingcentre pro Woch een 30 Liter oder 60 Liter Faass. Wéi dir gesitt, hu mir hei op all Fässer oder op de Boxen e Barcode stoen, deen een da mat engem Liesegerät ofliese kann.



Hei, wéi dir gesitt, hu mir elektresch Heizkierperen, wou Ueleg dran ass, fréier waren d'Heizkierpere mat ***(PCB polychlorierte Biphenyl)*** gefëllt.



Wat elo d'Circular-Economy betrëfft, do hu mir eng Prozedur entwéckelt, wou mir kucke kënnen, wat mir nach herno u brauchbare Materialien iw-wreg hunn, fir se erëm ze verschaffen. Do hu mir z.B. mat de Frigoen e gutt Beispill. Am gréngen Deel kënne mir bal 90% erëm verbrauchen. Hei hu mir dat an de Faarwen opgedeelt. Do gesitt dir, wat den Undeel vu giel a rout ass.



Da gesitt dir och hei d'Kummer, wou d'Chemikalie gelagert ginn. Bei de Chemikalien ass et esou, dass déi net méi recycléierbar sinn a bei héich Temperature verbrannt ginn. Hei an der Kummer, wéi dir gesitt, hu mir richteg Gëftstoffer lageren. Do si Stoffer wéi Planzeschutzmëttel, Pestizid-en oder sougenannte Labo-Chemikalië vun de Laboen oder Schoulen oder heiansdo och aus dem privaten Haushalt.



Hei hu mir onse Labo, do kënne mir Schnelltester maache fir festzestellen, ob déi Flëssegkeeten zum Beispill brennbar oder gëfteg sinn.



Wat mécht ee mat de Reschter vun de Käerzen? Wann d'Käerzefabrick se sichen kënnt, da ginn z.B. Fakelen doraus gemaach. D'Qualitéit vum Wuess vun de Käerzen ass elo net esou héich, dass een nach eng Kéier Käerzen doraus maache kann.



Wat mir och sammelen, dat sin Friteusen, Wéi dir hei gesitt, hu mir grouss Eemere mat de Reschter vum Fett, dat vun de grousse Kichen, Restauranten oder och aus de Kantinne kënnt. Déi Eemere ginn dann an d'wootlecht Waasser gestallt, wouduerch d'Fett sech da verflëssegt, an et uschléissend an den Tank vum Camion gepompelt ka ginn.



Da komme mir hei an onse Luuchteberäich, do hu mir och am grousse Ganzen 3 Kategorien. Déi éischt Kategorie, dat sinn nach déi al Biren, vun deene mir ëmmer nach vill zeréckkréien. Déi Kategorie besteet just aus Metall a Glas, déi gi bei ons extra zortéiert, well si ouni grouss Ëmstänn recycléiert kënne ginn. Dann hu mir déi zweet Kategorie, dat ass am Beräich Neonstüben, Energiespuerluuchten, wou nach Liichtpolver dran ass. De Liichtpolver besteet zum Deel aus Quecksëlwer an Amalgamm. Déi mussen dann och extra behandelt ginn. Déi drëtt Kategorie si Luuchten, déi mir nach net esou laang hunn, dat sinn déi sougenannten ***LED*** Luuchten. Déi bestinn deelweis aus Glas a mëttlerweil och aus Plastik, déi ginn och extra behandelt a ginn och eenzel zortéiert.





Da gesitt dir hei d'Medikamenter. Do ginn et Leit, déi de Beipackziedel eraushuelen, an och déi gliese Fläschen, wou flësseg Medikamenter dra sinn, ginn erausgeholl. Haaptsächlech gëtt hei an der Zortéierstrooss zwou Produktkategorien zortéiert.

Zum éischte sinn dat Medikamenter, an zweetens déi sougenannten Datenträger. Zu den Datenträger gehéiere Videoskassetten, CDen, Audiokassetten, Musekspläcken asw. Déi ginn dann och zortéiert, andeems d'Leit hei d'Këschten an d'Verpackungen eraushuelen.



Do ass ons Maschinn, déi zerschreddert. Do hu mir och zwou Kategorien, kleng Behälter, Kanister aus Metall oder och Plastiksfläsche mat ale Reschter vun Ueleg. Dir gesitt hei bei der Schreddermaschinn een Opfangbehälter, well awer nach Reschter aus de Kanister oder Behälter kommen, déi ginn dann hei opgefaangen. Beim alen Ueleg gëtt dann och gekuckt, ob e recyclabel ass oder net. Hei gesitt dir och, dass déi eng Säit de Metall oder Plastik erauskënnt, an déi aner Säit den Ueleg.





Da wann dir déi aner Säit kuckt, do hu mir dat ganzt Verpackungsmaterial (Polystyrol Steropor), Polypropylen. Dat gëtt dann och gepresst, well dat Material gréissten Deels aus Loft besteet. Da gëtt dat och nach getrennt tëschent dem Styropor an dem Polypropylen.



Dann hu mir hei d'Gasfläschen, och verschidde Fläschen, do ass och z.B. de Campinggas dobäi. Bei de Gasfläschen ass et jo esou, do existéiert jo e System fir de Vidange, wat awer net esou funktionéiert, wéi et eigentlech soll. Vun de Gasfläschen hu mir 10 bis 15 verschidde Kategorien, vum normale Gas bis hin zum Edelgas.



D'Redaktioun vun der Stëmm vun der Strooss seet iech Merci fir d'Féierung.

Marco G.

Publireportage

Kernkraftwerk KALKAR - Recycling der besonderen Art.

WIE AUS EINEM IM BAU BEFINDLICHEN < SCHNELLEN BRÜTER > EIN ORIGINELLER FREIZEITPARK NAMENS WUNDERLAND KALKAR WURDE.




https://www.wunderlandkalkar.eu/de So lautet die Internet Domaine des Freizeitparks in Kalkar am Niederrhein.

Kalkar, das 1230 gegründet wurde und vermutlich 1242 Stadtrechte erhielt, zeichnet sich insbesondere durch ein mittelalterlich geprägtes Stadtbild aus. Die Stadt **Kalkar** liegt am unteren Niederrhein im Nordwesten von Nordrhein-Westfalen und ist eine kreisangehörige Stadt des Kreises Kleve im Regierungsbezirk Düsseldorf. Sie ist Mitglied der Euregio Rhein-Waal. Ihre derzeitige Einwohnerzahl liegt bei 14.000.

Eine frühere Schreibweise, gültig bis zum 9. Juni 1936, war Calcar und bis Anfang der 70er Jahre galt Kalkar als „idyllisches Ackerbürgerstädtchen“. Zwar war das Wirtschaftswunder nicht unbedingt mitten über en mittelalterlichen Marktplatz des Ortes gefegt, aber besonders Kalkar war andererseits auch von so manchen Bausünden der Nachkriegsjahre verschont geblieben.

STADTWAPPEN VON KALKAR



In diese vorwiegend ländliche, eher strukturschwache Region nahe der niederländischen Grenze, sollte dann aber ein Kernkraftwerk eines ganz neuen Typs hinein verpflanzt werden.

Ein ursprünglich angedachter Standort nahe Aachen war angesichts der Bevölkerungsdichte im Aachener Raum bzw. im deutsch-belgischen Grenzgebiet, als zu gefährlich betrachtet- und verworfen worden.





Bis zu diesem Zeitpunkt gab es in Deutschland lediglich in Karlsruhe einen Forschungsreaktor dieses Typs SNR, Abkürzung für *Schneller Natriumgekühlter Reaktor*. Im Volksmund sollte dieser Reaktortyp dann bald die Bezeichnung *Schneller Brüter* erhalten.

Die Technik selbst, eine Neutronenquelle einzusetzen statt einen Reaktor auf Graphitbasis, wurde zum ersten Mal 1946 in den USA angewendet. Nach fast 10 Jahren Bauzeit, ging 1973, zu Zeiten des Kalten Krieges in Schewtschenko, der früheren UDSSR, im heutigen Aqtau in Kasachstan, der erste sowjetische Brutreaktor, der in industriellem Maßstab arbeitete, ans Netz, und diente vornehmlich der Produktion von Plutonium 239.

Daher auch der Name Schneller Brüter, denn ein Reaktor dieses Typs kann nicht nur das seltene Uran 235, sondern das viel häufigere Mineral des Isotops 238 in spaltbares Plutonium umwandeln, wobei es das Verfahren erlaubt, mehr Plutonium zu „erbrüten" als man Ausgangsmaterial verbraucht.

Eigentlich zu schön um wahr zu sein, wären da nicht sehr ernste Risiken, denn besonders flüssiges Natrium ist chemisch sehr aggressiv. Die Natrium- und und Kühlwasserkreisläufe dürfen deswegen keinesfalls miteinander in Berührung kommen, da dabei eine sehr heftige Brandreaktion entstünde.

Bereits 1974 kam es in Schewtschenko aber bereits zu einem ernsten Zwischenfall genau solchen Typs und einem folgenschweren Natriumbrand. Da sich dieser Störfall hinter dem *Eisernen Vorhang* zutrug, wurde er nur in Insiderkreisen bekannt.

Ganz im Gegensatz dazu, der ernste Störfall am Kernkraftwerk *Three Mile Island* bei Harrisburg in Pennsylvania im März 1979. Hier kam es zu einer teilweisen Kernschmelze am Reaktorblock 2, welche tagelang der Aufmacher in allen Medien war und der Anti-Atomkraftbewegung erst recht Argumente und Auftrieb bescherte.

Zusätzlich stellte sich, von Anfang an, ein Problem viel größeren Ausmaßes, nämlich das, der politischen Folgen des Betreibens eines solchen Reaktortyps, sowie der Unvereinbarkeit der Verbreitung von spaltbarem radioaktiven Material mit dem Atomwaffensperrvertrag, der im März 1970 in Kraft getreten war und den die Bundesrepublik Deutschland am 28.November 1969 unterzeichnet hatte.

Wohin also mit dem überschüssigen Plutonium, diesem äußerst giftigen und stark strahlenden Material, welches man nicht einfach durch die Gegend transportieren kann, und das obendrein den strengen Richtlinien eines internationalen Abkommens unterliegt?

Die Menschheit ist nunmehr im Jahr 2018 angelangt

Am 3.Juni 2018 sind zudem bereits 10 Jahre ins Land gezogen, seit Bauer Josef Maas, ein Urgestein des Widerstands gegen den Brutreaktor verstarb. Seit den späten 1960er Jahren setzte sich der 1931 in Kalkar-Hönnepel geborene Landwirt

unbeugsam und beharrlich gegen die Errichtung des Reaktors ein.

Ab 1972 führte er sogar als Hauptkläger einen fast vierzehn Jahre andauernden Rechtsstreit durch alle Instanzen gegen das Projekt. Allein zu diesem Zweck verschuldete sich Maas, auch vom Magazin „Der Spiegel“ als „Held von Kalkar“ bezeichnet, in Höhe von 1,5 Millionen D-Mark. Durch seinen Einsatz sensibilisierte er die Öffentlichkeit und mobilisierte mehr und mehr Unterstützer.

Ende der 70er, Anfang der 80er Jahre bewirkte dies, dass die Anti-AKW Demos in und um Kalkar und das Reaktorgelände Abertausende Atomgegner zusammenführte.

Diese Kundgebungen, von denen die größte bereits im September 1977 fast 40.000 Menschen anzog, verfehlten denn auch ihren Zweck nicht, denn nach mehreren Baustopps wurde der SNR-300 zwar 1985 nahezu fertiggestellt, ohne jedoch ans Netz zu gehen. 1991 wurde das Projekt sowohl wegen politischen als auch sicherheitstechnischen Bedenken endgültig eingestellt.

Zu diesem Zeitpunkt war eine Investitionsruine von 7 Milliarden DM entstanden, was heute etwa 6,2 Milliarden Euro entspräche.

Was damit anfangen, mit diesem gigantischen Bau und dem ganzen Gelände zumal das Projekt ja ursprünglich angedacht war, eine strukturschwache Region zu entwickeln?

Das Areal wurde schließlich 1995 vom niederländischen Unternehmer und Investor Hennie van der Most erworben, welcher daraus Zug um Zug gleich zwei Freizeitparks mit den Namen **Wunderland Kalkar** und **Kernie’s Familienpark** errichtete. Mittlerweile gibt es neben zusammen über 40 Freizeitattraktionen mit als Hauptanzugsmagneten dem **Vertical Swing** mitten im ehemaligen Kühlturm, auch noch Hotels und ein Kongresszentrum.

Der 46 Meter hohe Kühlturm ist denn auch das weithin sichtbare Wahrzeichen des Areals. Heute ist seine Außenseite mit einer Art Alpenpanorama bemalt und dient als riesige geschwungene Kletterwand.

Statt Energie und gefährliche Abfälle, die noch nach Tausenden von Jahren strahlen, zu produzieren, ist dieser Standort jetzt in ein beliebtes Freizeitareal umgewandelt worden, das zwar längst nicht so viele Besucher anzieht, wie der Europapark in Rust, der erfolgreichste Vergnügungsstandort in Deutschland, aber dennoch pro Jahr für mehr als 250.000 strahlende Gesichter bei Jung und Alt sorgt.


Zudem passt dieses ungewöhnliche Recycling in das 21.Jahrhundert, in dem Erholung und Freizeit längst einen sehr hohen Stellenwert erlangt haben.


Ende gut Alles gut, oder gar ein Wunder, dass die Atomlobby besiegt wurde? Hauptsache besiegt!

Wenn Sie einen Ausflug nach Kalkar planen, so rechnen Sie, ab Luxemburg Stadt, mit etwa 3 ½ Stunden Fahrzeit, um das etwa 320 km entfernte Fahrziel zu erreichen. Damit liegt Kalkar ungefähr so weit von unserer Hauptstadt entfernt wie Paris.

Also, liebe Tierliebhaber, fahrt mal hin, es ist nur ein Katzensprung bis ins Post-Atomare Freizeitvergnügen.

PLp





Christiane Grün

Illustréiert vum Gérard Claude

Editions Saint-Paul, 2018, 80 Säiten

ISBN 978 -99959-2-018-0

Wéi kënnt et, datt e Meedche vun 10 Joer sech mam Daniel ufrënnt, e Mann, deen op der Strooss lieft ? Huet dat eppes mam Daniel sengem Hond ze doen, dem Labrador Tim? Oder ass et dowéinst, well d'Meedche Claude heescht a vun all Mënsch Clodo genannt gëtt?

Den Daniel erkläert dem Claude, firwat hie keen Doheem huet. An hien invitéiert hatt an den Treffpunkt vun der Stëmm vun der Strooss. Déi zwee si richteg gutt Frënn ginn, wéi op eemol den Tim eleng beim Claude virun der Dier opdaucht. Dat ka jo just bedeiten, datt dem Daniel eppes Schlëmmes passéiert ass! Nëmmen, wéi kann d'Claude sengem Frënd hëllefen, wa seng Elteren him verbidden, sech mat "Strummerten" ofzeginn ?

D'Christiane Grün huet d'Geschicht vum „Clodo" an einfachem Franséisch geschriwwen, fir Kanner vun 10-13 Joer. Déi schwéier Wierder sinn an engem Lexique hannen am Buch erkläert. De Gérard Claude huet d'Geschicht illustréiert mat Biller, déi u Linogravure erënneren. D'Alexandra Oxacelay huet eng Preface zum Buch geschriwwen.

Clodo



Littering in public places:

If you pay attention to the signs in your city, you may notice some anti-littering messages among them. Littering in public places is against the law in most countries nowadays and the government tries its best to enforce its authority by using these signs. However, the current strategy does not seem to be working as well as planned.

The most important aspects of anti-littering signs are colour, placement, and, especially, wording. First of all, colour alone can already determine how we interpret signs; red, for example, is often associated with danger. Next, a sign should be placed next to a trash bin or it should, at least, indicate where pedestrians can find the next trash bin. Finally, wording is key to achieving the sign's purpose. The message should make the reader aware of their role in the contribution to the preservation of our environment. However, it is crucial not to threaten people and not to limit them in their behavioural freedom because this may cause adverse psychological effects.

Public littering is still a social problem, and although one of the problems is the lack of effective campaigns against littering, another problem are we as the citizens who perform the littering in the first place. So, perhaps we can reduce public littering by simply using the trash bin

Jil Keltesch.

À vous de pianoter



Jouer du piano à la perfection? Pas nécessaire. Réveiller le virtuose qui vous paraît sommeiller en vous? Ne le faites pas, s'il vous plaît. Les pianos abondamment décorés par des foyers scolaires et dispersés dans une vingtaine de différents endroits de la ville de Luxembourg sont mis à disposition de tout le monde.

L'objectif de cet événement, c'est faire sortir l'instrument des espaces philharmoniques, des Conservatoires de musique et des salles de concerts où on paie une fortune pour l'entrée afin de s'exhiber comme membre d'une société „tralala".

Dans la rue, qu'on ne se serve pas de „béquilles" en forme d'une partition, car il vaut mieux égayer la vie tout en jouant spontanément. Qu'un morceau pour piano, soigneusement „bûché" à la maison par un étudiant du Conservatoire, soit récompensé d'applaudissement, pourquoi pas, si c'est bien joué. Mais, le même pianotage d'un amateur arrive à initier d'autres passants à improviser leurs "mini-concerts".

Virtuosité méticuleuse, même si c'était celle des fameux pianistes Garrick Ohlsson ou Vladimir Horowitz: entrée interdite. Par contre, les amateurs, soyez cordialement bienvenus. Car un amateur n'a qu'une raison de jouer: il aime la musique. Dans la rue, il désacralise l'instrument.

L'année dernière, on trouvait l'ambiance la plus chaleureuse autour du piano installé au pied de l'ascenseur de Pfaffenthal. Au voisinage de la Stëmm ce n'était pas mauvais non plus: un piano pouvait chanter sa „voix de la rue" dans la rue de Strassbourg vis-à-vis du magasin Cactus, l'autre piano dans le hall d'attente de la gare, tout près du Para-Chute.


Avis aux saboteurs chargés de gâcher l'ambiance: la main, ce n'est pas un marteau. Interdiction d'attaquer le clavier à coups redoutables. Tous les vrais amateurs, par contre, allez-y. À vous de pianoter!

„My Urban Piano", 5ème édition du 31 mai au 17 juin 2018, Luxembourg Ville

(akk)


Statistiques

PRODUCTION ET TRAITEMENT DE DÉCHETS MÉNAGERS




Statistiques

DÉCHETS INERTES




Statistiques

DÉCHETS PROBLÉMATIQUES INDUSTRIELS 2015



Statistiques

DÉCHETS RECYCLABLES RÉCUPÉRÉS 2015





Plat du jour

Increasingly more people in Luxembourg can not afford warm meals. Last year Stëmm vun der Strooss served almost 37% more meals for the people in need than in the previous 12 months. And the demand is constantly rising.

Help Stëmm vun der Strooss to feed more people!

De plus en plus de gens au Luxembourg ne peuvent pas s'offrir un repas chaud. L'année dernière, la Stëmm vun der Strooss a servi près de 37% de repas en plus pour les personnes dans le besoin qu'au cours de 12 derniers mois précédents. Et la demande augmente toujours.

Aidez Stëmm vun der Strooss à nourrir plus de gens!

Faites un don par virement!
BIC: BCEELULL
LU 63 0019 2100 0888 3000.
Récuperez le code QR avec nos coordonnées bancaires.

Stëmm vun der Strooss

DOUBLE AUTOPORTRAIT DE FRIDA KAHLO

LA PEINTRE MEXICAINE AU THÉÂTRE D'ESCH



Frida Kahlo et ***Las dos Fridas*** *(Museo de Arte Moderno, México)*

Pour les féministes: une icône. Pour les communistes: une communiste. Pour les philanthropes: la pitoyable victime d'un accident. Pour le fabricant américain de jouets: une fille à l'effigie de la poupée *Barbie*. Pour les biographes bavards: une femme entretenant de nombreuses liaisons. Pour les biographes sérieux : un sujet ne servant qu'à fouiller dans sa correspondance afin de restituer son journal intime. À mon avis: une peintre dont les oeuvres n'ont pas d'équivalent.

La performance théâtrale (danse, chant, parole) de deux artistes luxembourgeoises – Sascha Ley et Sylvia Camarda – ne peut que nous faire penser au double autoportrait peint par Frida Kahlo, après que son mari, le peintre Diego Rivera, l'avait quittée. *Las Dos Fridas*, grandeur nature : l'une fragile, le coeur brisé. L'autre moustachue, révélant la force masculine à l'abri du corps féminin.

Si la mise en scène parvient à ne pas noyer le personnage de Frida dans une mer de détails biographiques – bien souvent maquillés, voire entièrement inventés – on verra sans doute un bon spectacle. Une pièce qui est accompagnée de bonne musique : la chanteuse péruvienne Yma Sumac, la chanson „Song of the Volga boatmen" ou „Cucurrucucù Paloma".

De quoi s'armer avant d'y aller? Il faut savoir que Frida est une femme „émancipée" bien avant la naissance des mouvements féministes européens. En 1939, elle rencontre à Paris le coryphée du surréalisme André Breton. Le milieu parisien l'a deçue : il n'y a que des „foutus intellectuels" qui échangent des „bavardages stupides".

Au-dessus de son lit dans la maison *Casa azul* à Coyoacán, banlieue de la capitale Cuidad de México, nous trouvons quelques photos des représentants du mouvement communiste : Marx, Engels, Lénine, Staline, Trotski. Frida ne fait point de différence entre eux. Clairvoyante, elle voit que l'Europe n'est pas „en train de pourrir" à cause de la Russie, mais à cause de l'Allemagne et de son élève en Italie, le faux Italien Mussolini.

Un accident de bus lui a laissé de terribles séquelles. Se servant de l'exemple du philosophe Friedrich Nietzsche, elle déclare : „Ce qui ne me tue pas, me nourrit." Ayant davantage confiance en la boisson nationale des Mexicains qu'en ses propres chirurgiens, Frida se moque des médecins : „Docteur, si vous me laissez boire cette tequila, je vous promets de ne rien boire à mon enterrement."

„Mi Frida", *Théâtre Municipal Esch-sur-Alzette,12 mai à 20h. Kulturpass bienvenu*

LA SUITE FOOTBALLISTIQUE 2018



ATD AGIR TOUS POUR LA DIGNITÉ (ALL ZESUMME FIR D'DIGNITÉIT).

Une suite, en musique, est un ensemble formé de plusieurs morceaux de mélodie, de rythme et de caractère différents. La suite de divers hymnes nationaux joués et chantés au cours du Mondial peut réussir à captiver l'attention de ceux qui aiment aussi bien le foot que la musique. On verra. Grâce au décalage horaire, certaines rencontres correspondent aux heures d'ouverture de la Stëmm.

Tous les mélomanes se sentent blessés au coeur: la Squadra azzurra n'est pas qualifiée, les Oranje non plus. Au bout du compte, on doit donc renoncer à la chanson *Fratelli d'Italia*, l'un des plus beaux hymnes nationaux, ainsi qu'à l'hymne des Pays-Bas, le plus vieil hymne national au monde, composé entre 1568-1572 pendant la révolution libératrice contre l'hégémonie espagnole. Grâce à l'histoire commune, l'hymne néerlandais ne se distingue guère de celui de la Maison grand-ducale luxembourgeoise.

France-Australie, 16/06, 12h ;

Danemark-Australie, 21/6, 14h

La France, vainqueur du Mondial 1998 et vice-champion d'Europe en titre, rencontre les Socceroos australiens. Les Bleus entonnent leur hymne très bien. *La Marseillaise*, composée en 1792 au cours de la Révolution et l'un des hymnes les plus combatifs, rencontre le chant australien : Australie, membre du Commonwealth, a remplacé dans les années 1980 l'hymne anglais „God save the Queen" par la chanson nationale *Australians all let us rejoice*. Australie affronte dans le même groupe les Danois, qui disposent de deux hymnes officiellement appelés „*nationaux*" : l'hymne national royal, l'hymne national civil. Ne pas oublier la spectaculaire finale du championnat d'Europe en 1992, lorsque les Danois ridiculisaient l'Allemagne, à ce moment-là champion du monde en titre.

Argentine-Island, 16/6, 15h

Argentine, double champion du monde. Maradona, la vedette...

Grâce à son extraordinaire richesse musicale, l'hymne argentin a l'air d'être écrit pour un concert de musique classique. Le compositeur espagnol Blas Parera participe début du 19ème siècle à la défense du port Buenos Aires lors des invasions britanniques. Par contre, l'hymne islandais n'a rien à voir avec la politique. Il chante l'éloge de la Nature, il évoque Dieu : le Dieu islandais.

Suède-Corée du Sud, 18/6, 14h

Le compositeur coréen de renommée internationale Ahn Eak-tai partage sa vie professionnelle entre Corée, Paris, Rome, et vit en Espagne. Son hymne, bien majestueux, est écrit d'une manière tout à fait européenne. Même les Tre Kronor suédois peuvent être fiers de leur chant, solennel, courageux et, ce qui est le plus important, de caractère sportif : *Toi l'antique, toi le libre et montagneux Nord*.

Uruguay-Egypte, 15/6, 14h

Les hymnes nationaux des nombreux

